# Communiqué de presse: Ouni d'Handwierk keng Ëmsetzung vun der Klimapolitik fënnt och de Klimabiergerrot

De Klima-Biergerrot huet de 15.09.2022 de Rapport virgestallt, wou op den Manktem vu gudde Leit am Handwierk, an op de Meeschter angaangen ass. Hei gouf gesot datt dringend eng Valorisatioun am Handwierk misst geschéien. Dëst sinn ënner anerem Fuerderungen vun **AMELUX**, et ass 5 fir 12 fir d'Handwierk nees opzewäerten. Des Fuerderunge komme souwuel vun de jeeweilege Chamberen, sou wei och vum Patronat selwer. Et besteet e grousse Manktem u Leit am Handwierk an dofir muss en Ëmdenken an der Gesellschaft geschéien, datt d'Handwierk net de Wee vum Echec bléift. Wann déi Usiicht an der Gesellschaft sech ännert kommen och méi Leit an Handwierk, déi dringend gesicht ginn.

Et gëtt an dem Rapport vu Solaranlagen, nei Heizsystemer an och iwwer „Social ReUse“ an de Recycling Center'en geschwat. All déi nei Technologie muss ee kënne montéieren an a Gang setzen oder wann eppes net méi geet se a Stand setzen. An dat sinn di ausgebilten Handwierker, déi dës Aufgabe kënnen realiséieren. Mee et feelt u gudde Leit. Et ka jo net sinn, datt Persounen déi dringend en Handwierker brauchen, 8 Wochen op e RDV mussen waarden. Et dierf och net sinn datt Maschinnen, wéi och Apparater sollen op de Recycling Center'en gefléckt ginn vu Léit ouni adequat handwierklech Ausbildung. Dëst kann der Sëcherheet nët Rechnung droen fir dës Apparater weider ze benotzen.

**<u>Wéi kréie mer déi Leit an d' Handwierk?</u>**

Ma komm mir gi den Diplomer am Handwierk eng Valeur. Ugefaange mam Meeschter, den an den Niveau 6 vum Qualifikationsrahmen gehuewe muss ginn. Duerno soll d'Beruffsausbildung ënner d'Lupp geholl ginn an dës muss sou opgebaut ginn, datt déi Jonk ouni Bedenken sech fir d'Handwierk entscheeden. Et muss ee vun ënnen erop gesinn, datt d'Handwierk sech lount a keng Sakgaass ass. Ouni d'Handwierk gëtt et keng Ëmsetzung vun der Klimapolitik an dat ass Fakt! D'Betriber sinn net nëmme mat der aktueller Situatioun geplot datt d'Energiepräisser an d'Luucht schéisse, mee si brauchen och nach gutt ausgebilte Leit. An dat betrëfft och all eenzele Bierger well ouni d'Handwierk steet alles! Dofir setzt **AMELUX** sech fir d'Handwierk an.

***<u>Adresse postale:</u>***

AMELUX a.s.b.l
c/o Peiffer Serge
8, rue des modeleurs L-3589 Dudelange

**Tél :** (+352) 691635785
**Courriel** : info@amelux.lu
***www.amelux.lu***